

Juni 2021

# OP DE PUNKT.

KONTAKT- AN INFORMATIOUNSBLAT VUN DER CSV BIISSEN



## NEEN ZU ENGEM ZWANG VUN ENGER MEMBERSCHAFT OP FACEBOOK

An eiser moderner Gesellschaft spinnen hautdesdaags déi sozial Netzwerker a punkto Kommunikatioun eng wichteg Roll. Leider muss d'CSV awer feststellen, datt d'Kommunikatiounspolitik vum Schäfferot vill iwwert Facebook leeft, sou zum Beispill, d'Méglechkeet sech bei Biissen TV unzemellen oder wéini verschidde Stroossespäre sinn. Net all Biisser Awunner huet awer e Kont op Facebook oder notzt dëse reegelméisseg. Deemno kritt net all Awunner wichteg a sënnvoll Infor-

matiounen mat, déi all d'Biisser Matbierger interesséieren.

D'Biisser CSV wier vrou, wann de Schäfferot all déi wichteg Informationen net nëmmen iwwert Facebook géif kommunizéieren, mee datt all dës Informationen d'Biisser Awunner aus éischter Hand kéinte kréien, sief et duerch e Flyer an/oder iwwer "SMS to citizen". Eng accesibel Kommunikatiounspolitik zeechent sech nämlech duerch en intelligente Mix

vun neien a méi traditionelle Kommunikatiounskanäl aus.

Mir begréissen, datt d'App "Bissen" fir de Smartphone ausgebaut gouf. Beim Offalkalender misst de Schäfferot awer Wäert drop leeën, datt dësen Agenda reegelméisseg aktualiséiert gëtt.

# NO DER OFSTËMMUNG ZUM PAP GOOGLE: WAT SOT D'BIISSE CSV DOZOU?

Virun der Ofstëmmung zum PAP Google hat de Gemengerot dräi Aarbechtssëtzungen zu désem Thema (November 2019, Mee 2020 an Oktober 2020). Eng ofgeännert, schréftlech Versioun vum PAP kruten d'Membere vum Gemengerot awer eréischt en Donneschdeg, 15. Oktober 2020, verdeelt, also just eng Woch virun der Gemengerotssitzung.

Fir d'CSV-Fraktioun waren zwee Punkten an dëser schréftlecher Versioun vum PAP net akzeptabel.

1. De Paragraf iwwert den „Niveau de référence“ war héchst bedenklech. Wann et elo beim Bau vum Datenzentrum zu enger Ofwäichung kéim, da géif dat zieien, wat gebaut gouf. D'Fixéiere vun en-gem „Niveau de référence“ am PAP wier deemno iwwerflësseg gewiescht an hätt dem Bauhär eng gréisser Flexibilitéit bei den Héichte vun de Gebaier ginn. Fir eis als CSV-Fraktioun däerf awer némmen zielen, wat am PAP steet, dee vum Gemengerot gestëmmt gouf.
2. Et ass sécherlech ze begréissen, datt d'Kaméidisëtüd an der ofgeännerte Versioun obligatoresch gouf. Leider war beim Kaméidi awer den Avis vun der Cellule d'Evaluation vum Banneminis-

tère net integral iwwerholl ginn. Dësen Avis huet nämlech virgesinn, datt um ganze Site an éischter Linn misste Gebaier opgeriicht ginn, déi als Schutz virum Kaméidi sollten déngen, sou datt all déi Aggregater mat Kaméidi-Potenzial müssen hannert engem „front-bâti“ stoe géifen.

Et war schonns erstaunlech, firwat dësen Avis net direkt am Text vum PAP iwwerholl ginn ass, wann ee weess, datt all aner Suggestiounen vun der Cellule d'évaluation am PAP zeréckbehale goufen? Ouni d'Interventioun vun der CSV-Biissen wier et méiglech gewiescht, fir Infrastrukturen, déi vill Kaméidi produzéieren, direkt op der Westsäit vum Site (d.h. no bei de Wunnhaiser) opzeriichten. Dobäi hätt Google och nach de Choix gehat, sech déi Lösung erauszesichen, déi hinnen am Beschte gepasst hätt. Fir d'CSV ass de Kaméidi an d'Liewesqualitéit ee ganz sensible Sujet. Dofir muss den Text vum PAP kloer an däitlech sinn a virun allem dee beschtméigleche Schutz fir d'Biisser Awunner bidden.

An der Gemengerotssitzung huet de Schäfferot eise Bedenke Rechnung gedroen an entsprielich de PAP ofgeännert.

De Buergermeeschter huet an der selwechter Sitzung verschidden Errongenschafte beim Staat énnerstrach, déi een awer relativiéiere muss:

- Den Ausschreibungs-dossier fir de Rond-point um Rouscht war schonns am September 2019 fäerdeg. Wat ass dann zénterhier geschitt ?
- Déi nei Verbindungsstrooss téschent der MAKO um Rouscht an dem ZAC Klengbuusbierg war am Kader vum PAG schonns virgesinn. Et ass ze begréissen, datt de Staat gutt mat de Pläng fir dës Strooss virukomm ass an et ass dach némmen normal, datt de Buergermeeschter d'Baugeneemegung heizou ausgestallt huet.
- Schonns énner dem CSV-Schäfferot gouf sech drëms beméit, fir d'Vélopist téschent Biissen a Béiwen op déi al Eisebunnsstreck ze verleeën. Et ass gutt, datt de Schäfferot dësen Dossier net schleefe gelooss huet, esou datt esouguer am Staatsbudget fir dëst Joer heifir Sue virgesi sinn.



# ASS D'GARDE-HAISCHEN DÉI RICHTEG PLAZ FIR DE CYCLO-CROC?



Um Véloswee téschent der Primärschoul an dem ale Foussballterrain soll am fréiere Garde-Haischen laanscht den Eisebunnsschinnen e „Café culinaire“ fir Vélosfuerer a Wanderer ageriicht ginn. D'Biisser CSV ass skeptesch, datt dëst Konzept vun engem Cyclo-Croc an dësem flotten ale Gebai iwverhaapt eng Iwwerliewenschance huet. Wéi kann de Betrib op déser Plaz während der méi schlechter Joreszäit iwwert d'Ronne kommen?

D'Garde-Haischen ass nämlech zu kenger Säit direkt un eng Strooss ubebonnen a gehiéiert och nach net zum offiziellen Deel vum Lëtzebuerger Vélosnetz. Den Exploitant kann deemno net mam Camion beliwwert ginn, mee muss seng Akeef mat engem Cargo-Bike selwer op d'Platz bréngen. Dëse Cargo-Bike kann natierlech och be-

notzt ginn, fir d'Awunner vu Biissen heem ze beliwweren.

Mir als Biisser CSV sinn der Meenung, dat d'Garde-Haischen de falschen Emplacement fir e Cyclo-Croc ass an hätté léiwer dés Suen (600.000 Euro) an den Ëmbau vun der Biisser Millen investéiert. D'Millen ass e Stéck Biisser Geschicht, leit och an der Noperschaft vun der Vélospist, mee huet virun allem de Virdeel, datt de Site vill méi einfach beliwwert ka ginn an och méi einfach fir d'Clients accessibel ass.

## NOGEHAAKT

### SUIVI VUN DEN DOSSIEREN AUS EISER LESCHTER EDITIOUN

- No der Publikatioun vun eisem leschten „Op de Punkt“ huet de Schäfferot d'Schafe vun enger Béschchrèche annoncéiert. Als Biisser CSV begréisste mir dës Ukkennegung fir eis kleng Butzen.

- Och huet eis de Schäfferot matgedeelt, datt den Daach vun der Primärschoul ondicht ass. Elo soll vun dësem Chantier profitéiert ginn, fir hei Raimagechkeeten fir d'Maison relais ze schafen.

- D'CSV Biissen begréisst, datt de Schäfferot neierdéngs op de Wee wéll goen, fir d'Fraisen vum Equipment intérieur vum Gréngen Eck (d'Kaffismaschin, d'Keess, d'Télé an de Mobilier) am Kader vum Mietvertrag dem künftegen Exploitant ze verrechnnen.



- D'mobil Bün gëtt méi deier ewéi beim Vote am Gemengerot annoncéiert (72.200 Euro). Zum Kafpräis vun 87.282 Euro – den Devis selwer war mat der TVA 84.357 Euro - kom-

men am Kader vum Budget 2021 nach bal 20.000 Euro fir de Sound & Light-Equipment derbäi. Och soll fir 30.000 Euro eng Leinwand ugeschaافت ginn.

## RÉSUMÉ FRANÇAIS

- Le CSV Bissen regrette que la communication communale se limite pratiquement au réseau social Facebook. Cependant un certain nombre d'habitants n'ont pas de compte sur ce réseau. C'est pourquoi que le CSV Bissen se prononce pour un mélange équilibré entre la communication via les réseaux sociaux, l'envoi de SMS via le service „SMS to citizen“ et la communication traditionnelle par des feuillets distribués dans les boîtes aux lettres.
- Les conseillers communaux du CSV se sont prononcés contre la création du café culinaire „Cyclo-Croc“ sur le site de la maisonnette du gardien de la barrière ferroviaire alors que ce site n'est pas relié au réseau routier. Dès lors, il se pose la question com-

ment un tel concept a une réelle chance de survie et dans quelle mesure le fonctionnement sera assuré durant la saison météologique moins favorable. A titre alternatif, le CSV Biissen a suggéré d'investir prioritairement sur le site de l'ancien moulin situé le long de la route de Colmar.

- Lors du vote du Plan d'aménagement particulier „Google“, le CSV a proposé deux modifications qui ont été pris en compte par le Collège des bourgmestre et échevins. La première modification concerne la définition du niveau de référence lors de la réalisation du projet. La seconde modification définit exactement les dispositions et les mesures à respecter dans le cadre de l'implantation des aménagements sonores.

- Suite à notre dernière publication, le Collège des bourgmestre et échevins a annoncé la création d'une crèche dans la forêt ainsi que de nouvelles salles pour la Maison relais dans l'enceinte de l'école primaire. Ces initiatives sont saluées par le CSV Bissen.

- En ce qui concerne la scène mobile acquise par l'administration communale, il convient de constater que la facture finale dépasse le devis voté par le conseil communal. S'y ajoute que l'acquisition de l'équipement supplémentaire pour cette scène mobile est prévue dans le budget de l'exercice courant.

## ÄR CSV-VERTRIEDER AM GEMENGEROT



**FRANK CLEMENT**  
frank.clement@bissen.lu



**JOËLLE FAGNY ÉP. KRAUS**  
joelle.fagny@bissen.lu



**CHRISTIAN HOSCHEID**  
christian.hoscheid@bissen.lu



**CARLO MULBACH**  
carlo.mulbach@bissen.lu

## NEWSLETTER CSV BIISSEN

D'Biisser CSV bitt lech eng reegelméisseg Informatioun iwwert an aus onser Gemeng un, an dat mat enger „Email-Newsletter“. Fir dovunner ze profitéieren, braucht Dir lech just anzeschreiwen, andeems Dir eng Email op [biissen@csv.lu](mailto:biissen@csv.lu) schéckt.

*Le CSV Bissen vous offre une information régulière sous forme d'une Newsletter. Pour pouvoir en profiter, il suffit de nous adresser un courriel à [biissen@csv.lu](mailto:biissen@csv.lu).*